

## Sommaire

- Ouverture de la séance publique**
  - M. Fernand Etgen, Président
- 7560 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur la répression des actes illicites dirigés contre l’aviation civile internationale, faite à Beijing, le 10 septembre 2010**

**7561 - Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Montréal, le 4 avril 2014, portant amendement de la Convention relative aux infractions et à certains autres actes survenant à bord des aéronefs, faite à Tokyo, le 14 septembre 1963**

**7562 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, fait à Beijing, le 10 septembre 2010, à la Convention pour la répression de la capture illicite d’aéronefs, fait à La Haye, le 16 décembre 1970 (suite)**

  - Dispense du second vote constitutionnel concernant le projet de loi 7561
- Dépôt d’une proposition de loi par M. Michel Wolter**
  - M. Michel Wolter
- Heure d’actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de la gouvernance des établissements hospitaliers**
  - Exposé : M. Marc Baum
  - Débat : M. Claude Wiseler - M. Gusty Graas - M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Claude Wiseler) - Mme Josée Lorsché (interventions de Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Léon Gloden et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Jeff Engelen (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) (dépôt de la motion 1) - M. Sven Clement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
  - Motion 1 : Mme Martine Hansen - M. Mars Di Bartolomeo
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 7569 - Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Bruxelles, le 17 février 2016, modifiant la Convention Benelux en matière de chasse et de protection des oiseaux, faite à Bruxelles, le 10 juin 1970**
  - Rapport de la Commisson de l’Environnement, du Climat, de l’Énergie et de l’Aménagement du territoire : M. François Benoy
  - Discussion générale : M. Aly Kaes - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Fred Keup - M. David Wagner - M. Marc Goergen

- (interventions de M. Sven Clement et M. Guy Arendt) (dépôt de la motion 1)
- Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable
- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1 : M. François Benoy - M. Aly Kaes - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner (intervention de M. Marc Baum) - M. Marc Goergen (interventions de M. Guy Arendt, M. Mars Di Bartolomeo et M. André Bauler)
- Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 7724 - Projet de loi modifiant la loi du 15 mai 2018 relative à l’évaluation des incidences sur l’environnement et modifiant : 1° la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ; 2° la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l’eau ; 3° la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés**
  - Rapport de la Commission de l’Environnement, du Climat, de l’Énergie et de l’Aménagement du territoire : M. François Benoy
  - Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Fred Keup
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 7649 - Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l’organisation du marché de l’électricité ; 2° de la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l’organisation du marché du gaz naturel**
  - Rapport de la Commission de l’Environnement, du Climat, de l’Énergie et de l’Aménagement du territoire : M. Carlo Back
  - Discussion générale : M. Paul Galles - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Fred Keup - M. David Wagner - M. Marc Goergen (dépôt de la motion 1)

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie - M. Paul Galles (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Turmes
- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1 : M. Carlo Back - M. Marc Goergen
- Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adopté)
- 7681 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire**
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l’Immigration et de l’Asile : M. Yves Cruchten
  - Discussion générale : M. Paul Galles - M. Gusty Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre de l’Immigration et de l’Asile - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. David Wagner, M. le Ministre Jean Asselborn, M. Georges Engel et M. Sven Clement) - M. le Ministre Jean Asselborn - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Georges Engel et M. Sven Clement)
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 7682 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l’immigration**
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l’Immigration et de l’Asile : M. Yves Cruchten
  - Discussion générale : M. Paul Galles - M. Gusty Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. David Wagner) - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre de l’Immigration et de l’Asile
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jean Asselborn, Mme Carole Dieschbourg, M. Claude Turmes et Mme Paulette Lenert, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

### 

#### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d’Sitzung op. Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

### 

#### 2. 7560 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur la répression des actes illicites dirigés contre l’aviation civile internationale, faite à Beijing, le 10 septembre 2010

**7561 - Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Montréal, le 4 avril 2014, portant amendement de la Convention relative aux infractions et à certains autres actes survenant à bord des aéronefs, faite à Tokyo, le 14 septembre 1963**

**7562 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, fait à Beijing, le 10 septembre 2010, à la Convention pour la répression de la capture illicite d’aéronefs, fait à La Haye, le 16 décembre 1970 (suite)**

*Dispense du second vote constitutionnel concernant le projet de loi 7561*

Ech hat de Moien eppes Onverzeileches gemaach, ech hat vergiess, beim Projekt de loi 7561 ze froen, ob d’Chamber d’Dispens vum zweete Vott gëtt.

*(Assentiment)*

Ech spieren, datt d’Chamber domadder d’accord ass.

Da kënne mer zum Ordre du jour vun haut de Mëtteg kommen. D’Chamber huet de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d’Verwaltung vun de Spideeler, déi déi politesch Sensibilitéit déi Lénk ugefrot huet. An ech géif dann dem Här Marc Baum als Auteur d’Wuert ginn.

*(Interruption)*

### 

#### 3. Dépôt d’une proposition de loi par M. Michel Wolter

Fir d’éischt awer ginn ech dem Här Michel Wolter d’Wuert fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Wolter, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Merci, Här President, fir d’Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, de Moien hate mer eng interessant Debatt iwwert de PNOS, also d’Fro, wéi sech eis Rettungsdéngschter inhaltlech an den nächste Joren op d’Erausfuerderungen an där Matière solle virbereeden a wat fir eng Moyenen

dass se zur Verfügung gestallt kréien, fir dat ze maachen.

Dat ass eng Diskussioun, déi lassgeléist ass vun der Fro, wien dann deen Asaz bezilt, op wat fir eng Aart a Weis. De Moien, an nodeem d’Inneministesch zu deem Sujet Stellung geholl huet a gemengt huet, d’Gemengen, déi géifen zu engem Véierel de CGDIS finanzéieren, hat ech d’Fro gestallt, wéi se zu esou enger Ausso géif kommen. Si huet du gemengt, et wär e Fënneftel, wat awer nees rektifizéiert ginn ass op e Véierel.

Ech wëll déi Aussoe vun der Madamm Minister de Moien, déi d’ailleurs och scho vun hirem Virgänger gemaach gi sinn, a Fro stellen. Den Artikel 62 vum Gesetz iwwert de CGDIS, dee behandelt nämlech de Prinzip, dass de CGDIS zu 50 % vum Staat an zu 50 % vun de Gemenge finanzéiert gëtt. Den Artikel 60 vun deem selwechte Gesetz, dee gesäit ënnert de Recettë vum CGDIS d’TVA-Recettë vir, déi de Gemenge virenthale gi sinn, wéi d’TVA vu 15 % op 17 % eropgaangen ass.

Dës Sue si Suen, déi exklusiv vun de Gemengen era-bruecht ginn. Am CGDIS gëtt a mengen Aen eng falsch Interpretatioun gemaach. D’Recettë vun der TVA ginn net als Gemegekontributioun ugerechent an dat ass a mengen Ae souwuel am Geescht wéi och am Buschtaf vum Gesetz net richtig. Dem generelle Gesetz no stinn nämlech 10 % vun den TVA-Recetten, niewent anere Recetten, de Gemengen zur Verfügung, fir hir Politik kënnen ze bedreiwen.

Säit 2015 gëtt elo all Joer am Budgetsgesetz decidéiert, dass deen Deel, déi 2 % Augmentatioun, dass déi dem CGDIS zougefuert ginn. Déi ginn awer - an dat ass dee grouse Punkt - net direkt dem CGDIS zougefuert, mee si gi fir d’éischt de Gemengen zougefuert an dann iwwert de Fonds de compensation an de CGDIS agespeist. Domadder, duerch déi Technik, ass et kloer an däitlech, dass déi 2 % TVA nach wie vor Recettë si vun de Gemengen an dass déi 2 % geholl ginn, fir de CGDIS ze finanzéieren - mat geholl ginn, fir de CGDIS ze finanzéieren.

Wär dat aneschters gewiescht, dann hätt ee missen dat globaalt Gesetz deementspriedend änneren, dass een d’Recettë vun der TVA, déi de Gemengen zoustinn, erofgesat hätt. Esou bleiwe mer an enger Situatioun, dass hei Sue sinn, déi de Gemengen zougesprach ginn all Joer, och nees am Budget vum Joer 2021, dann dem CGDIS zougefuert ginn, an awer an der Kontabilitéit vum CGDIS net als Gemengenapport berechent ginn.

An dat ännert dann natierlech alles. Well wann ech d’Rechnung fir d’Joer 2020 huelen an ech huelen déi entre-temps dach awer 45 Milliounen, déi dat ausmécht am Gemengebudget, eraus, da kommen ech op eng Kontributioun vum Staat vun 23 Millioue bei 91 Milliounen, déi anzebezuele sinn. An ech komme fir d’Gemengen an der Realitéit op eng Kontributioun vun 23 - wat dann zweemol déi 50 % soi-disant sinn - plus 45: 68 Milliounen.

Dat heescht, Dir Dammen an Dir Hären, an der Realitéit finanzéieren d’Gemengen de CGDIS am Joer 2020 an der Héicht vu 74,78 % an de Staat finanzéiert de CGDIS an der Héicht vu 25,22 %. Dat ass déi reng Realitéit, déi souwuel juristesch, wéi bud-getstechesch, wéi kontabel enger korrekter Affektatioun vu Gemengesuen an de CGDIS entsprécht.

Ech wëll also kloer an däitlech soen, dass mäi Begier net doranner besteet, fir ze soen, dass déi Kontributione vun de Gemengen net méi soll gelescht ginn. Mee mäi Begier ass ganz kloer deen, dass déi Kontributione vun de Gemengen, déi aus Suen, déi exklusiv de Gemengen zoustinn, och op der Gemengesäit eigentlech ugewannt ginn, an dass déi dann net erausgeholl ginn, fir duerno eréischt den Dekont ze maachen.

Mir schwätze fir d’Joer 2020 dann awer iwwert déi net onbeträchtlech Zomm vun 22.592.000 Euro. Ech wëll dat maachen, doduerch dass ech a menger Proposition de loi eng Modifikatioun vum Artikel 62 vum Gesetz iwwert de CGDIS proposéieren, andeem ech zum engen am éischten Alinea kloer an däitlech de Punkt a) - dee jo anscheinend deen ass ..., also deen deen ass, wou Dissonanze sinn an der Interpretatioun - ernimmen als een, deen net virum Calcul vu 50:50 dierft geholl ginn, an am zweeten Abschnitt vun deem selwechten Artikel derbäischreiwen: « Les recettes générées à la lettre a) de l’article 60 sont comprises dans la participation obligatoire communale. » Do, wou se dem Gesetz no eigentlech och missten hikommen.

Wann ech säit dem Ufank - an dat ass net Deel vun dëser Proposition de loi, dat wëll ech kloer an däitlech soen, et ass awer interessant, dass Gemege-vertrieder hei am Haus dat gewuer ginn -, wann ech säit dem Ufank d’Rechnung also maachen, säitdeem de CGDIS geschafe ginn ass, vun 2018 un, komme mer entre-temps duerch de Fait, dass déi TVA-Recetten de Gemengerecetten net bäigeschriwwe ginn, mee fir d’éischt ofgehalen ginn an dass dann eréischt de Prinzip fifty-fifty au profit de l’État applizéiert gëtt, op déi kokett Zomm vun insgesamt 53.990.500 Euro, déi an deene leschten zwee an engem hallwe Joer a mengen Aen en violation de la loi de Gemenge virenthale gi sinn, au profit de l’État.

Ech wëll zum Schluss nach eng Kéier soen, dass dat näischt domadder ze dinn huet, wéi den Asaz ze maachen ass, dass dat näischt mat der Fro ze dinn huet, ob een 10 Minutte brauch, 15 Minutte brauch, dass dat näischt domadder ze dinn huet, ob een eng zweet oder drëtt Infrastruktur kritt oder wat fir ee Camion an Zukunft gebraucht gëtt. Mee et geet eigentlech ëm d’Applikatioun vun deem, wat virun zwee an engem hallwe Joer an engem Gesetz festgehalen ginn ass, nämlech dass den CGDIS zu 50 % vun de Gemenge finanzéiert gëtt an zu 50 % vum Staat.

Dës Proposition de loi beréiert och net nach eng aner Fro, op déi ech méi spéit wäert an dësem Joer

zréckkommen. Et ass nämlech déi, dass ech der Meenung sinn, dass och beim Abezuele vun Kapital an de CGDIS dat net esou gemaach ginn ass, wéi dat eigentlech an enger partnerschaftlecher Verantwortung hätt misse sinn, mee dass dat ganz Kapital an déi ganz Reserven, déi bis elo geschafe gi sinn, an zwar 119 Milliounen Euro, exklusiv vun de Gemenge finanzéiert gi sinn an dass de Staat bis haut ausser der Participatioun vun engem hallwe Joer 2018, 2019 ganz an 2020 ganz keen Cent an de CGDIS bis elo gestach huet an dass sech domadder de Ratio tëscht deene Suen, déi d’Gemengen abezuelt hunn, an deenen, déi de Staat bis elo an de CGDIS abezuelt huet, nach eng Kéier au détriment vun de Gemenge verschlechtert.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir Är wäert Opmierksamkeet.

***7813 - Proposition de loi portant modification de l’article 62 de la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et création d’un Corps grand-ducal d’incendie et de secours***

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wolter.

*(La proposition de loi est renvoyée à la Conférence des Présidents.)*

### 

#### 4. Heure d’actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de la gouvernance des établissements hospitaliers

Da kéime mer elo zur Aktualitéitsstonn vun haut de Mëtteg iwwert d’Verwaltung vun de Spideeler. An d’Wuert huet den Auteur vun dëser Aktualitéitsstonn, den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d’Wuert.

*Exposé*

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. „Black Box HRS“, „Mobbing auf höchster Ebene“, „Missstände im HRS“, „Wir wollen unser Krankenhaus zurück“, „Wie ein Feudalfürst“, „Filz und Klüngel“, „Selbstzweck Macht“ ...

Här President, dëst ware just e puer Iwwerschrëften, déi een an de leschte Wochen an der Lëtzebuerger Press liese konnt a Bezuch op ee Spidol-sgrupp, d’Hôpitaux Robert Schuman. Lassgetrëpelt gouf dës Lawin vun Artikelen duerch d’Diskussioun, datt sech Membere vum Verwaltungsrot vun den HRS entgéint de Virgabe vum Santéministère fréizäiteg impfe gelooss hunn, zu engem Zäitpunkt, wéi Impfstoffer souguer fir déi ganz Vulnerabel nach kaum zougänglech waren.

Weidergaangen ass et du mat der Rumeur, datt dee Grupp sech anscheinend hätt wëllen op eege Fauscht Impfstoffer beschafen. Dunn huet op eemol d’Personalkarussell an deem Spidol ugefaange mat dréinen, Mobbingvirwërf koumen un d’Licht, vun apparenten demokrateschen Defiziter gOUNG rieds, bis hin zum virleefeg leschten Akt, engem evidenten In-